N°581
Entrée le 05.04.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 05.04.2024

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 05/04/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Gesondheet & Ëmwelt, Klima an Biodiversitéit weiderzeleeden.**

Fir eng rezent Etude vum European Monitoring Center for Drugs and Drug Addiction (EMCDDA) goufen Ofwaasseranalysen a Stied a ganz Europa an och ausserhalb vun der EU gemaach. Et gouf ënnersicht, wéi héich d'Drogeréckstänn am Waasser sinn, fir doduerch Réckschlëss op de Konsum vun de verschiddenen Droge maachen ze kënnen. Mat de Wäerter aus dem Joer 2023, déi de Cannabiskonsum betreffen, ass Lëtzebuerg mat Mamer a Miersch direkt zwee mol an den Top 20 ze fannen. Mamer ass op der 13. Plaz vun de geteste Stied, wat virun Zürich, Paris Seine Centre, oder och Lissabon ass.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Huet d'Regierung déi genannten Etude zur Kenntnis geholl?
   Wéi eng Conclusiounen zitt d'Regierung aus der Etude vum EMCDDA?

2. Wéi eng Roll spillt de Verkaf vum medezineschem Cannabis bei de Wäerter vun der genannter Etude?
   Wéi vill medezinesche Cannabis gouf am Joer 2023 verkaf a wéi een Taux u Réckstänn an den Ofwässer géif sech doraus schätzungsweis erginn?

3. Wéi eng Roll spillt de recreative Gebrauch vu Cannabis bei de Wäerter vun der genannter Etude?
   Wéi héich ass schätzungsweis den Taux u Réckstänn an den Ofwässer, déi sech net duerch d'Zuele vum Verkaf vum medezinesche Cannabis erkläre loossen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten

N°581
Entrée le 10.05.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet a vum Här Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit op d'parlamentaresch Fro n° 581 vum 5. Abrëll 2024 vum honorabelen Deputéierten Här Sven Clement.**

*1. Huet d'Regierung déi genannten Etude zur Kenntnis geholl?*
*Wéi eng Conclusiounen zitt d'Regierung aus der Etude vum EMCDDA?*

Mir verweisen op d'Äntwert vun der parlamentarescher Fro N°526 vum 25. Mäerz 2024 vun den honorabelen Deputéierten Här Mars Di Bartolomeo an Här Dan Biancalana.

*2. Wéi eng Roll spillt de Verkaf vum medezineschem Cannabis bei de Wäerter vun der genannter Etude?*
*Wéi vill medezinesche Cannabis gouf am Joer 2023 verkaf a wéi een Taux u Réckstänn an den Ofwässer géif sech doraus schätzungsweis erginn?*

*3. Wéi eng Roll spillt de recreative Gebrauch vu Cannabis bei de Wäerter vun der genannter Etude?*
*Wéi héich ass schätzungsweis den Taux u Réckstänn an den Ofwässer, déi sech net duerch d'Zuele vum Verkaf vum medezinesche Cannabis erkläre loossen?*

Et ass net méiglech d'Metabolite vu medezineschem a rekreativem Cannabis am Ofwaasser ze differenzéieren.

Am Joer 2023 goufen insgesamt 382 kg gedréchent Cannabis-Bléie verkaaft am Kader vum *Programme Cannabis médicinal an* 2,023 Flacone Cannabisueleg (43.975 ml). Op Basis notamment vun dësen Donnéeën, huet den LNS op Nofro eng Estimatioun gerechent wat de respektiven Undeel vun de Réckstänn vu medezineschem Cannabis kéint duerstellen.

Bei dëser Approximatioun kënnt eraus, dass ongeféier 8% vun de Metaboliten déi am Ofwaasser 2023 zu Lëtzebuerg fonnt gi si vum Konsum vu medezineschem Cannabis kéinten hier stamen, an deemno 92% vum rekreative Konsum vu Cannabis.

Déi Resultater sinn awer mat grousser Virsiicht ze genéissen, well se op Extrapolatioune baséieren an een zum Beispill och net weess ob dee medezinesche Cannabis dann och tatsächlech zu Lëtzebuerg konsuméiert gouf, respektiv seng Metaboliten an den Kläranlage gelant sinn. Och ass net gewosst ob d'Resultater vun den dräi bedeelegte Statioune representativ si vir d'ganzt Land.

Lëtzebuerg, den 10. Mee 2024

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez